

Informationsblad: 2017.01  
Erschent 4x d'Joer  
[www.cercle.lu/eng-breck-mat-latainamerika](http://www.cercle.lu/eng-breck-mat-latainamerika).



**Eng  
Bréck** mat  
Lateinamerika

*ONG fir Entwécklungshëllef a Mëttel- a Südamerika*

*BIL: LU08 0021 1213 4270 0000*

*CCPL: LU04 1111 0883 0535 000*

*BCEE: LU85 0019 3755 3516 0000*



*30 Jar Entwécklungshëllef a Südamerika*

## Dem Mich(eline) Dahm-Schiltges Äddi a Merci



D'Mich war fir "Eng Bréck mat Lateinamerika" d'Gehir an d'Häerz. Zenter Ufank de 90er Joeren war hat eis Sekretärin. Wéi de René Fisch, eise Grënnungspresident, net méi sou richtig eens gouf mat deenen ëmmer méi strengen a rigiden Virschrëften fir Projeeën opzesetzen, war d'Mich duerch seng Spuenischkenntnisser, predestinéiert fir des Aarbicht ze iwwerhuelen. Hat huet dat mat vill Asaz gemaach. Niewent senger Aarbecht als Mamm vu 4 Kanner, senger halwer Tâche als Spuenesch an Italienesch Proff am Dikricher Kolléisch huet hat bis 2000 d'Projeeën, déi nach

eenzel hu missen beim Kooperatiounsministär ugefrot ginn, mat eise Partner a Mëttel- a Südamerika verhandelt, ausgeschafft an duerno Rapporten geschriwwen. Ab 2000 gouf et bësse méi einfach duerch den Accord-cadre; ma deen huet och missen ausgeschafft ginn; do-mat war hat an de Joeren 2000, 2005, 2010 an 2015 während de Summerméint déck beschäftegt. Och do hu misse all Joer Rapporten geschriwwe ginn bis Enn Juni. Wéi et déi 1. Kéier krank a gelähmt gouf ( am Juni 2003) war seng 1. Suerg, dat et d'Rapporten nach net am Ministär ofgeliwwert hätt!

Hat hat all Projee am Kap. Huet d'Iwerweisungen ordonnéiert an natürléich och d'Rapporten aus dem Süden reklaméiert, wann se net mat Zéit viirlouchen.

Mir ware natierlech och öfters op Visite an d'Projeeën, wat immens wichteg ass: fir ze kontrolléieren, fir eis Partner perséinlech an d'Situatioun op der Plaz besser kennen ze léieren. Trotzdem dat et un de Rollstull gebonnen war, se mer an déi entleeënsten Ecker gefuer fir d'Awunner ze besichen an eis hir Problemer unzehéieren.

Mich, Merci fir dän immensen Asaz fir deene Benodeeligten aus Mët-

tel- a Südamerika ze hëllefem sich lues awer sécher aus hirer Aarmut raus ze schaffen!

All dës Aarbichten musse lo vun anere Comitésmemberen iwweholl ginn. Am Comité vum 1. Mäerz 2017 hu mer d'Verdeelung vun der Aarbecht tiptop geregelt kritt. Dofir eisen aktuellen Comitésmemberen och en décke Merci. Su laang wéi mer déi néideg finanziell Mëttele behalen, wäerten mer am Geescht vum René Fisch an dem Micheline Schiltges eis virun asetzen fir deenen, déi net vun der wiirtschaftlecher Entwécklung am Peru an a Bolivien profitéiere kënnen, ze hëllefem.

*Jacques Dahm*

*President EBMLA*

## Konstherapie mat de Fraen zu Cochabamba

Ech sinn d'Marthy, 20 Joer, a sinn no menger Première säit Oktober 2016 als Bénévole fir d'Bréck zu Cochabamba um Projet "Centro de Atención a la mujer" (CAM).

Hei hunn ech och d'Lisan, professionell Konsttherapeutin säit 2016 a Grënnerin vun 'Pintar en Bolivia', kennegeléiert. Zesummen organiséieren mir méttlerweil 2 Mol d'Woch Konstherapie-Atelieren. D'Lisan ass am gaang seng eegen Fondatioun hei zu Cochabamba op d'Been ze stellen. Hat huet Projeten an verschidde Spideeler, wou hat fir schwéier krank Kanner konsttherapeutech Sessiounen hält.



Am 'CAM' mat Fraen ze schaffen ass och fir hat ee ganz neien Terrain. D'Atelieren hëllefem de Fraen hir Vergaangenheet op eng ganz nei Aart a Weis ze verschaffen. Wat mech sou un der Konstherapie fasziniert ass, dass een sech fräi kënschtleresch an ganz ouni Wieder ausdrécken kann.





Am Ufank waren d'Fraen aus dem Haus, ewéi och verschidden Aarbechskollegen vun mir, zimlech skeptesch well des Aart vun Therapie op den éischten Bléck ganz ongewinnt bezéiungsweis fir vill Leit hei komplett unbekannt ass. Super schnell kruten si sech awer dofir iwwerzeegt an lo gi mer vun allen Säiten ënerstëtzt.



D'Lisan an ech bereeden zesummen speziell Übungen fir d'Fraen an d'Mammen fir, wou si mat hiren Emotiounen konfrontéiert ginn. Des Aufgaben loossen sech meeschtens an 1-2 Sätz erklären an sinn immens breetgefächert.

Eemol hu mir mat Géigesätz geschafft. Ee klengt Beispill ass "bannen a baussen". Eng Fra huet een Haus gemoolt an d'Natur dobaussen. Eng aner Fra huet hire Mann gemoolt, deen no baussen sympathesch an gebilt wierkt, a Wierklechkeet awer aggressiv ass.

Hei gesäit ee, wei verschidden an déifgrënneg d'Fraen d'Übung ëmsetzen.

Wann jiddereen fäerdeg ass, maachen mir eng kleng Evaluatioun, wou all Fra op fräiwëlleger Basis hiert Wierk kann erklären an déi aner ee Feedback kënnen ginn. An dëse Momenter stellt virun allem d'Lisan ganz spezifesch Froen wat déi benotzten Materialien, Faarwen, Formen, Gréissten ugin. Och wann d'Fraen net direkt wëssen firwat, si hunn dat an hirem Ënnerbewosstsinn genau erausgesicht wat schonn vill iwwert hiren aktuellen Gemittszoustand verréit.

No deenen éischten Workshops sinn mer ëmmer bëssen méi déifgang. Dëst huet vill verschidden Reaktiounen an Emotiounen ervirgeruff. T'gëtt vill zesummen gelaacht, roueg nogeduecht oder awer an der Grupp gekrasch ginn.

D'Fraen selwer waren immens iwwerrascht ewéi intensiv d'Sessiounen kennen sinn an wéi eescht an déifgrënneg d'Konsttherapie





ass vu dass et am Ufank oft bëssen belächelt gouf an hinnen just als 'Kannerbeschäftegung' virkomm ass.



Mir hu scho super intressant Resultater gesinn, wou d'Wierk leng scho vill ausseet an een deemno interpretéieren kann. Ausserdeem hëlleft d'Konsttherapie net nëmmen der einzelner Persoun mee och der Gruppendynamik.

Wat heinsdo bëssen méi schwiereg ass, ass dass den Altersënnerschied immens grouss ass. Am Moment si Fraen an Mammen tëschent 14 an 56 Joer am Haus. Och wëssen mir ni genau am Viraus ob nei Fraen komm sinn oder anerer schonn nees fort sinn.

D'Geschichten vun den Fraen sinn och komplett ënnerschiddlech, wat déi eng oder aner Aktivitéit méi emotional bezéiungsweis méi schwiereg mecht. Trotzallem si mer frou iwwert des Erausfuerderung déi d'Sessiounen em sou méi intressant an spannend maachen.

Meng Erfahrungen an d'Resultater, déi ech iwwert déi lescht Méint mat der Konschttherapie gemeet hunn, hu mech staark faszinéiert. Och de Pragmatismus, d'Kompetenz an d'Feinfühlegkeet vum Lisan hu mech staark beandrockt an ech hoffen, dat dem Lisan säi Projet och an d'Zukunft kann weidergefouert ginn. Ech fir mäin Deel hu Goût un der Konsttherapie kritt an wäert bei mengem Studium, deen ech ab Hierscht 2017 ufänken, probéieren mech och an dësem Beräich bëssen weider ze bilden.

*Marthy Stolwijk*

*SVC a Bolivien zu Cochabamba*





### 30 Joerfeier vun eiser ONG

Den 3. Februar hate mer Vernissage vun der Ausstellung, déi mer organiséiert haten fir den 30. Gebuertsdag vun der ONG «Eng Bréck mat Lateinamerika» ze feieren. Mir soen der Dikricher Gemeng an dem Personal vum Dikricher Geschichtsmusée nach eng Kéier Merci fir déi flott Raimlechkeeten an d'Ënnerstëtzung.


Et waren och eng Rei Schouklasses vun der Grondschoul vun Dikrich an d'Ausstellung komm; d'Monique Dahm hat ee Froebou zesumme-gestallt fir der Visite och e pedagogeschen Hannergrond ze ginn.

D'Nordlicht-TV hat e flotte Reportage gemaach, den e nach op hirem Site ka kucken, wi och de Journal, d'Tageblatt an d'Wort. De Radio an TV, haten et net fir néideg gehalen fir eise Gebuertsdag ze erwänen.

Hei puer Photoen vum Vernissage a vun der Ausstellung.







*Mat deem QR-Code kënn Der mat Digicash Aeren  
Don un "Eng Bréck mat Lateinamerika maachen"  
Dir kënn awer och op e vun de Konten op der 1. Seit  
iwerweisen.  
Merci*



*Diekirch  
Port payé  
P/S.246*

*Eng Bréck mat Lateinamerika  
19, rue Jean l'Aveugle  
L-9208 Diekirch*

